



Groupe parlementaire

N° 7563
Entrée le 07.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.02.2023

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro, déi d'Aktivitéite vun der CRF (Cellule de Renseignement Financier) betrëfft, un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.


Divers Professioneller hunn d'Obligatioun, der CRF Meldung ze maachen, wa si en "soupçon" hunn, datt bei enger Transaktioun kéint e strofrechtlech relevante Fait virleien.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Fir d'Referenzjoren 2020 bis 2022: Wéi vill esou "soupçon"-Meldunge goufen insgesamt gemaach?
- 2) Wéi war – no Kategorië vu Professioneller – d'Unzuel vun CRF-Verdachtsmeldungen (Banken, Affekoten, Notairen, Fiduciairen, asw.) verdeelt?
- 3) Wéi vill vun deene Meldunge goufen ouni Suite klasséiert, wéi vill no enger och nëmme sommairer Analys, a wéi vill hu schlussendlech zu Ukloe gefouert?
- 4) Ginn et Krittären, no deene Verdachtsmeldunge prioritär behandelt oder d'office klasséiert ginn?
- 5) Gëtt et eng Statistik iwwer manifest onbegrennt Verdachtsmeldungen?
- 6) Gëtt de Verdachtsmelder driwwer informéiert, ob seng Meldung Suiten hat?
- 7) Stëmmt et, datt d'CRF oft decidéiert, datt si eng Transaktioun NET blockéieren, mee awer dem Melder soen, hie kéint d'Transaktioun ënnert senger Responsabilitéit maachen?
- 8) Wéi stitt Dir zum Fakt, datt hei Professioneller an eng quokeleg Situatioun bruecht ginn, ëmsou méi, wéi si jo dem Client net soen däerfen, datt si eng CRF-Meldung gemaach hunn?
- 9) Wéi séier gëtt am Allgemengen op eng CRF-Verdachtsmeldung reagiert? Bannent Deeg, Wochen oder Méint?
- 10) Wéi vill Leit schaffen am Service vun der CRF?
- 11) Gëtt dem GAFI en detailléierte Rapport gemaach iwwer d'Unzuel, d'Qualitéit an d'Suite vu Verdachtsmeldungen?

- 12) Huet de concernéierte Mënsch eng Méiglechkeet, gewuer ze ginn – nodeems d’Affär klasséiert gouf –, datt eng Verdachtsmeldung géint hie gemaach gouf, an duerch ween? Huet hien e Recours géint e Professionellen, deem muttwëlles eng Verdachtsmeldung géint hie gemaach huet?
- 13) Ass de Staat eventuell responsabel, wann enger CRF-Verdachtsmeldung keng Suite gi sinn an et sech erausstellt, datt de Verdacht begrënnt war an entre-temps Bierger Affer vun den Agissementer vun der viséierter Persoun goufen?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding

Deputéierten